ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Banneminister, den Här Wirtschaftsminister, den Här Bausch, Minister fir déi banneschte Sécherheet an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Um nationale Fluchhafe sinn déi legal Fluchbeweegunge pro Joer op 85.000 Unitéite begrenzt. Weider däerfe pro Joer maximal 3,5 Millioune Passagéier transportéiert ginn. Dat schreift den 12. Februar d'Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek an engem Artikel. Hei heescht et datt déi aktuell Situatioun vum Fluchbetrib um Findel illegal wär. Aus dem Bilan vun 2017 geet ervir datt et am ganzen 89.944 Fluchbeweegunge gouf mat 3.599.390 Passagéier déi transportéiert goufen. Zenter zejoert wär de Betrib um Fluchhafen deemno illegal, mat laut der Bedreiwergesellschaft lux-airport engem Total vu 4,4 Millioune Passagéier fir 2018. Zesumme mam Terminal B läit déi offiziell Capacitéit vum Findel, laut lux-airport, bei maximal 4,5 Millioune Passagéier. 2018 bleift och d'Zuel vun de Nuetsflich mat 2.145 Fluchbeweegungen op engem héijen Niveau, wat problematesch fir déi betraffen Awunner ronderëm de Findel ass, déi duerch de Fluchkaméidi negativ Auswierkungen op hir Gesondheet riskéieren.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Ministeren:

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

1. Respektéiert den aktuelle Fluchbetrib um Findel iwwerhaapt de legale Kader ?

2. Ass d'Regierung net der Meenung datt de gesetzleche Kader un déi reell Fluchbeweegungen ugepasst muss ginn ?

3. Déi maximal Capacitéit vu 4,5 Millioune Passagéier pro Joer ass 2018 bal erreecht ginn, gëtt duerfir schonn un e weideren Ausbau vum Findel geduecht?

4. Wat fir eng Initiative gi geholl fir d'Zuel vun de Nuetsflich ze begrenzen an domadder d'Nuetsrou vun den Awunner ze verstäerken ?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten